PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Rezent Etuden hunn gewisen, datt déi meescht Medikamenter, besonnesch déi op Basis vu Paracetamol an Ibuprofen, hir Wierksamkeet wäit iwwert dat eraus behalen, wat als Oflafdatum op der Verpackung uginn ass. Eng Etude vun der UFC-Que choisir am September 2024 huet souguer bewisen, datt Medikamenter, déi der Beschrëftung no zënter iwwer 30 Joer ofgelaf wieren, nach ëmmer genuch aktiv Substanz enthalen, fir therapeutesch wierksom ze sinn.

Dës Situatioun werft eng Rei vu Froen op, souwuel am Hibléck op d'Verschwendung vu Ressourcen, d'Ëmweltbelaaschtung duerch d'Entsuerge vun nach funktionsfäege Medikamenter, wéi och déi gesondheetlech Auswierkungen. D'Ewechgeheie vu Medikamenter, déi nach gebraucht kéinte ginn, féiert zu onnéidege Käschte fir d'Patienten an d'Gesondheetsversécherung. Ausserdeem kéint dëst zu enger kënschtlecher Erhéijung vun der Nofro féieren an esou d'Versuergungsenkpäss verstäerken.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert de Minister d'aktuell Regulatiounen zu den Oflafdatume vu Medikamenter zu Lëtzebuerg am Vergläich mat anere Länner, wéi zum Beispill den USA?

2. Plangt d'Ministesch eng Etude duerchzeféieren, fir d'Risiken a potenziell Virdeeler vun enger Verlängerung vun den Oflafdatume vu Medikamenter ze ënnersichen?

3. Gëtt et Iwwerleeungen, fir d'Krittären zur Festleeung vun Oflafdatumen ze iwwerschaffen, fir méi Flexibilitéit ze erméiglechen an dobäi d'Sécherheet vun de Patienten ze garantéieren?

4. Wéi eng Moossname kéinten ëmgesat ginn, fir d'Verschwendung vu Medikamenter ze reduzéieren an eng méi nohalteg Approche an der Medikamenteversuerung ze fërderen?

5. Wäert d'Ministesch en Dialog mat der Pharmaindustrie an Experten aus dem Gesondheetsberäich ufänken, fir innovativ Léisungen ze fannen, déi souwuel d'Sécherheet wéi och d'Nohaltegkeet verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten